



Réiden: De 07. Mäerz 2025 hu mir zu Biekerech an der Millen eis Generalversammlung ofgehalen. Eise President, de Michel Collette konnt ronn zwou Dose Beieleit a Beiefrënn begréissen. D'Presidentin vun der FUAL, d'Madamm Alexandra Arendt, hat sech entschëllegt grad wéi och eise Vize-President de Steffan Van der Pal. D'FUAL war awer vertraueden duerch de

Keessjee Paul Koedinger.

www.apisredange.lu

De Michel huet alle Memberen am Comité Merci gesot fir déi gutt Zesummenaarbecht am vergaangene Joer, besonnesch eisem neie Keessjee, dem Jean-Jacques Mertzig, deen sech scho vill engagéiert huet. E grouse Merci geet och un den Nico Schott an de Jean Konsbruck, déi di nei Statuten ausgeschafft hunn. Um Däitschsprouchege Beiendag an der Stad hate mir eis Panneae vum Beieléierpad ausgestellt. Bei dëser Geleeënheet hu sech Schwäizer Kollegeen dofir interesséiert an si hunn sech dee Pad bei Art and Wise bestallt, wat fir äis eng gutt Reklamm ass an e klengen Obolus (Droits d'auteurs) fir eis Keess duerstellt.

Eisen neie Keessjee, de Jean-Jacques Mertzig, deen d'Relève geholl huet vum Paul CLAUDE, konnt e positive Bilan presentéieren. Dat ass zu engem gudden Deel op d'Ënnerstëtzung vun de Gemengen aus dem Kanton Réiden zrëckzeféieren. De Gemenge Biekerech, Rammerech, Sëll a Réiden si mir besonnesch dankbar. De Keesereviseur Nicolas Schweicher huet a sengem an am Numm vum Nico Schott déi korrekt Féierung vun de Bicher ënnerstrach an huet d'Versammlung gebieden dem Keessjee Entlaaschtung ze ginn. Dat ass dann och duerch Acclamatioun geschitt.

De Veräin zielt momentan 52 Memberen déi eng d'Beienzeitung kréien an 10 Memberen ouni Zeitung. 2024 war de Comité fënnemol zesummen. Eis Generalversammlung hu mir den 08. Mäerz 2024 zu Biekerech an der Millen ofgehalen. De 16. an de 27. Mäerz huet de Michel e Cours zu Huelmes ofgehalen. Den 19.04.2024 war eist traditionellt lessen zu Sëll an der Maison Rouge. Um Delegéiertendag ware mir vertraueden duerch de Michel Collette an den Daniel Schuster. De 15.06.2024 war eise Beienomëtten zu Biekerech um Stand vum Jeff Hoffmann. No dësem Dag krut all Member, deen do war, eng jonk begatt Kinnigin vum Veräi geschenkt.

D'Behandlungsmëttele si vum Jeff Hoffmann zu Biekerech verdeelt ginn. Den 08.11.2025 waren de Michel Collette an de Francis Filbig op Maarnech d'Beieplanzen an de Som sichen an si hunn se duerno verdeelt. 7 Memberen hunn sech dorunner bedeelegt.

Well mir den 19. Oktober 2025 de Beiendag zu Réiden am Atert-Lycée organiséieren, hate mir eng Serie vu Versammlunge mam Schäfferot vu Réiden, mam Direkter vum Atert-Lycée a mat Vertrieider vun der FUAL am Atert-Lycée selwer.

De Programm gesäit elo emol esou aus :

09:00 – 10:00 Auer : Kaffi mat Croissant

10:00 – 11:00 Auer: Dr Alexander M. Weigand : „Wëll Beien zu Lëtzebuerg“

11:00 – 12:00 Auer: Dr Wallinger: „DNA-Analyse zur Qualitätssicherung und Bestimmung der Herkunft von Honig“

12:00 – 14:30 Auer: Mëttegiessen am Lycée selwer

14:30 – 15:00 Auer: Michel Koch aus dem Lycée Ermesinde vu Miersch: Hie weist äis seng Schaffensweis mat de Schoulkanner um Beiestand.

„Bienchen, wie gefällt es dir in diesem Land?“

15:00 Auer: Prof. Dr. Jürgen Tautz „Honigbienen und Waldameisen – im Ökosystem Wald aus der Nähe betrachtet“

Déi Deeg virdrun an och duerno gëtt am Hall vum Lycée eng Ausstellung organiséiert, déi och Schouklasse besiche kënnen. De Michel Collette huet äis e puer Beispiller vu Rollupe gewisen, déi an déi Ausstellung kommen.

De 16. Oktober gëtt am Atert-Lycée eng Table ronde ofgehale mat Gemengevertrieider aus dem Kanton (Vertrieider aus dem Schäfferot, dem techneschen Déngscht, de Gäertner) iwwert d'Fleeg vun den Hecken an de Randsträife laanscht d'Stroossen an d'Weeër. Duerno kann och nach e Rondgang duerch d'Ausstellung gemaach ginn.

Eis traditionellt lessen ass eréischt um Virowend vum Beiendag, samschdes owes den 18. Oktober zesumme mat de Riedner zu Useldeng beim Péitche Lauer. D'Riedner ginn och beim Péitche Lauer aquartéiert.

Duerno koume mer zu eiser aussergewöhnlecher Generalversammlung, wou déi nei Statuten um Programm stoungen, déi jiddwereen heemgeschéckt kritt hat. Well mir ower mat de Procuratiounen de Quorum vun 2/3 vun de Membere knapps verfeelt hunn, gouf dës 1. Generalversammlung erëm zougemaach.

Uschléissend gouf, wéi ugekënnegt, eng zweet aussergewöhnlech Generalversammlung opgemaach, wou déi nei Statuten dann eestëmmeg guttgeheescht goufen.

Laut den neie Statute muss d'Generalversammlung iwwert dës Punkte befannen:

De Beitrag: Dëse bleift bei 50 € fir Membere mat Beienzeitung a bei 10 € fir d'Memberen ouni Beienzeitung.

D'Delegéierte bei der FUAL: De Michel Collette an den Daniel Schuster maachen dat weiderhin.

Keserevisseuren: Si sollen an Zukunft net méi aus dem Comité kommen. De John Lanners an de Romain Staudt si bereet dat ze iwwerhuelen, hiert Mandat leeft op dräi Joer.

D'Leit aus dem Comité si vun elo un (07.03.2025) fir sechs Joer bestäegt. Detailer ginn hei nach an deem nächste Comité besprach. Aus Altersgrënn huelen de Jos Welscher an de René Toussaint hir Pensioun. Nei derbäi kënnt den Adnan Junuzovic.

De Jean-Jacques Mertzig huet e wëssenschaftlech fundéierte Bericht zu dësem Thema gehale: „Wéi sinn d'Beien equipéiert fir hir Ëmwelt ze erfaassen, fir sech ze orientéieren a fir mateneen ze kommunizéieren?“ De Bericht heizou fannt Dir an dëser Zeitung.

Francis Filbig